LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
02 OCT. 2019

Luxembourg, le 02 OCT. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet: Réponse de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias à la question parlementaire n°1181 de l'honorable Député Monsieur Sven CLEMENT au sujet de la restructuration du Groupe RTL.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1181 du 9 septembre 2019 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Xavier BETTEL
Ministre des Communications et des Médias

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
02 OCT. 2019

**Äntwert vum Minister fir Kommunikatioun a Medien op d'parlementaresch Fro n°1181**

**vum Honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT**

1. RTL Group ass eng privatrechtlech Gesellschaft, wou de Staat keng Participatiounen huet an och net an den Decisiounsorganer vertrueden ass. Et ass net de Rôle vun der Regierung fir sech iwwert d'Hannergrënn vun eventuelle strategeschen Iwwerleeunge vun enger privater Entreprise ze äusseren.

2. De Minister huet keng Indikatiounen, déi géife weisen, dass den Attachement vu RTL Group mat Lëtzebuerg kuerz- a mëttelfristeg a Gefor wier.

3. Et ginn och keng Indikatiounen dofir, dass weider Aktivitéite vun der CLT-UFA SA oder déi Lëtzebuerger Programmaktivitéite vun enger Restrukturatioun betraff wieren.

4. Zu RTL Group gehéieren, wat déi Lëtzebuerger Programmaktivitéite betrefft, verschidde Medien, déi och op verschiddene Modeller baséieren. De Staat huet eng direkt Relatioun mat RTL fir den audiovisuelle Beräich, wou RTL eng ëffentlech Missioun erfëllt, déi iwwert eng Konventioun gereegelt ass. Déi aktuell Konventioun gëllt fir d'Period bis 2020. Zu där Konventioun gehéiert och e Vertrag iwwer d'Notze vun den internationale Frequenze bis 2030 déi ënner anerem viraussetzt, dass de Sëtz vun RTL Group hei zu Lëtzebuerg bestoe bleift.